



MEMBRE



6. Oktober 2019

## Hierschttour Randonnée „Serge Krier“

· Veteran & Vintage Car Club Luxembourg ·

Léif Memberen,

Mär invitéieren äch häerzlechst den 6. Oktober 2019 un onsem traditionellen Hierschttour deelzehuelen. Fir onsen drëtten a leschten Tour dëst Joer proposéieren mär äch nach eemol e flotten Tour iwwer ons schéin éisleker Stroossen.

Rendezvous\*\* ass um 09.00 Auer bei onsen Frënn a Member vun der Firma Autocars Meyers zu Fléiber. Si empfänken ons an hirem Betrib fir den Kaffi/Croissant.

Um 10.00 Auer starten mär fir en flotten Tour duerch d'Éislek. Onst Ziel ass d'Robbesscheier zu Munzen mat folgendem Programm:

● **Apero** Crémant

● **Mettegiessen** Buffet :

Saumon poché „Belle-Vue“ ; saumon et flétan fumés ;  
crevettes roses ; beignets de cabillaud ; scampis à l'ail

Jambon d'Ardenne cru et cuit ; roast-beef ; rôti de dinde  
cuisses de poulet grillées ; emincé de boeuf Stroganoff

Salade verte ; salade de pommes de terre ; crudités ; pommes  
rissolées et pommes frites ; petits pains faits maison ; sauces  
cocktail, curry et vinaigrette

Crème caramel ; bavaois ; mousse au chocolat ; fruits frais

**An dono**

● **Presentatioun an Animatioun rondrëm d'Ardennerpäerd**

\*\* Well Fléiber schonn zimlech nördlech lait proposéieren mär äch nach en **alternativen Rendezvous**. Dësen „Avant Rendezvous“ ass zu Koplescht beim Centre Wirtspesch. Hei maache mär ons um 08.30 Auer op de Wee a fueren iwver Dondel ► Bour ► Tënten ► Brouch ► Bëschdref ► Béiwen-Atert ► Biissen ► Kolmer-Bierg ► N7 ► Friedhaff op Fléiber. Jiddwereen deen dëst arrangéiert an ab Koplescht well mat ons op den Kaffi fueren muss um 08.30 Auer do sinn, **hei gött op keen gewaart**.

Fir äch unzemellen iwverweist w.e.g. **55 € pro Persoun** op dem VVCCL säin CCP LU92 1111 0041 6288 0000 mam Vermierk : **RSK 2019**. (Ofgesinn vum Cremant geet all Gedrénks an der Robbesscheier op eegen Rechnung)

Deenen déi owes nach wëllen zesummen iessen, proposéieren mär iwver d'N12 zréck op Koplescht ze fueren an do am Café op der Bréck den Dag bei engem Patt an engem gudden Maufel auskléngen ze loossen. Hei geet alles op d'eegen Kaap. Déi interesséiert Lait schreiwen w.e.g. just op hiren Virement “+ **Dîner**” fir datt mär kennen reservéieren.

### Umeldetermin: 26. September 2019

Mat beschte Gréiss, am Numm vum Comité

Claude Schwartz  
Sekretär

D'Adressen vum Daag:

Avant Rendezvous : Centre Wirtspesch, 8 Rue de Mersch, 8181 Kopstal  
Rendezvous : Autocars Meyers, Z.I. Um Holz, 9340 Flébour  
Robbesscheier Munzen : 1, Frummeschgaass, 9766 Munshausen

 **Autocars MEYERS** s.a.

<http://www.meyers.lu>



<http://www.robbesscheier.lu>